ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 22. Februar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister an un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Am Regierungsaccord ass virgesinn, de Glyphosat an de nächste Joren ze verbidden.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister an un d'Madamm Ëmweltministesch:

1. Ginn et Statistiken, wéi vill Glyphosat hei am Land un d'Bauere verkaaft gouf a wéi vill Hektar Land domat gesprëtzt goufen?
2. Ginn et Statistiken, wéi vill Glyphosat u Privatleit verkaaft gouf?
3. Ginn et Statistiken, wéi vill Glyphosat vun ëffentlechen Instanzen, ewéi z.B. Gemengen, CFL, Privatgäertner asw. kaaft ginn ass?

All dës Froe bezéien sech op de Verkaf vu Glyphosat an de leschten 10 Joer.

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique